ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den19. Dezember 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Ech enthuelen engem Artikel am Luxemburger Wort, datt d'CFL 34 nei Zich vum Typ Coradia beim franséische Produzent Alstom kaf huet. Ouni op d'Detailler anzegoen, ass mat deem Investissement bis 2024 eng Kapassitéitserweiderung op 39.100 Sëtzplazen ugestriewt. Dat ass e Plus vu 43,75 Prozent op déi aktuell 27.200 Sëtzplazen. Hei sinn an deem Kontext meng Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten:

1. Ass beim Kaf vum neien Zuchmaterial d'Tatsaach, datt den ëffentlechen Transport gratis soll ginn, mat agerechent ginn?
2. Ass unzehuelen, datt den aktuelle Passagéierzouwuess vun 3 bis 5 Prozent d'Joer mat dem gratis ëffentlechen Transport nach an d'Luucht wäert goen?
3. Ass mam Wuesstem vum Aarbechtsmaart an de nächste Joren net mat nach méi héije Passagéierzuelen ze rechnen?
4. Ass den Här Minister der Meenung dat d'CFL de Problem vun den néidegen Kapassitéite laangfristeg geléist huet?"
5. Ass den Här Minister och der Meenung, datt mat der Realiséierung vun den Infrastrukturprojetën op der Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg, dem Ausbau vun der Stater an

der Moderniséierung vun der Beetebuerger Gare op mannst d'Schinnenetz vum Süden a Weste vum Land a vu Frankräich an der Belsch um Maximum vun den Ausbauméiglechkeeten ukomm ass?

6. Wat hält den Här Minister dervun, datt dëse Marché vun der CFL un eng vun de fréier prominentste franséische Gruppen an der Atomindustrie geet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten